# 50 SITUATIOUNEN, A WÉI EEN DOMADDER ËMGOE SOLL.

RESPECT IT

# RESPECT IT



## ULEEDUNG:

Wann dir eng Aktivitéit mat ärer Branche maacht kenn dir Kaarten déi net fir är Alters-kategorie sinn erausfilteren. Zum Beispill eng Kaart déi fir BV ass, ass fir all Branche gedu-echt. Eng Kaart wou SC drop steet, ass dee moment net fir BV an LX geduecht mee fir SC, EX an RO. Tembo dierfen all d'Kaarten benotzen. Ausserdeem hunn déi verschidde Kaarten ëmmer eng gewësse Faarw déi bei en Thema passt. Dir kennt dëst Kaartespill also och je no Thema uwenden.

## CATEGORIE

- Gesondheet
- Mobbing
- Responsabilitéit
- Sécherheet
- Programm/Aktivitéit
- Alcohol/Drogen
- Sexualitéit

## BRANCHEN

- BV
- LX
- SC
- EX
- RO
- TB

©FNEL 2022

fnel scouts & guides

# BASS DU E JUGS ?

RESPECT IT

# DEN TOUN MÉCHT D'MUSEK



D'Scoute passen op, wann se aner Scouten no hirer Nationalitéit froen.
**Souwisou : Rassistesch Ofkierzungen wéi Yougo oder Guall sinn e No-go.**

- Firwat kann et wichteg sinn, engem seng Nationalitéit ze kennen ?
- Mir sinn all d'Nämmlecht an awer och anescht. Virdeeler ?



©FNEL 2022

SC

fnel scouts & guides

# « MAISCHEN, KËNNS DE MER D'STAANG UNHALEN ? »

RESPECT IT

# ENG FORM VU SEXUELLEM MËSSBRAUCH !



Sexualiséiert Sprooch fält ënnert d'Rubrik **„sexualiséiert Gewalt ouni Kierperkontakt"** an ass eng Form vu sexuellem Mëssbrauch ! – och wann et als Witz gemengt ass.

- Wat ass schwul ?
- Firwat ass et e Schimpfwuert ?
- Wier et liicht, sech als homosexuelle Scout ze outen ?



©FNEL 2022

# « OH WAT BASS DU SCHWUL »

RESPECT IT

# LEIT SOLLEN NET STIGMATISÉIERT GINN



D'sexuell Orientéierung vun de Leit soll net stigmatiséiert ginn, **pass op Klischeeën op.**

- Wat ass schwul?
- Erkennt een Homosexueller, Männer wéi Fraen, um Ausgesinn a Behuelen?
  -Nee an et ass och egal


©FNEL 2022

SC

fnel scouts & guides

# WIEL HIEN NET, MAT HIM VERLÉIERE MIR!

RESPECT IT

# VERMEIDEN DUERCH WIELEN AN EKIPPEN OPZEDEELEN



Bei Gruppespiller soll ee vermeiden d'Scouten duerch Wielen an Ekippen opzedeelen.

Wann e Scout verschidde Saachen villäicht manner gutt kann, geet et net drëm, hie fäerdeg ze maachen, mee hien z'ënnerstëtzen a mat senge Kompetenzen z'integréieren.


©FNEL 2022

WAT HUNN DÉI EIS HAUT GENERVT.
DËS NUECHT LOOSSE MER DÉI MOL GUTT POMPELEN DRÉCKEN.

RESPECT IT

# ET BENOTZT EEN NET SENG AUTORITÉITSPOSITIOUN FIR MUECHT.



Et benotzt een net seng Autoritéitspositioun fir Muecht op anerer auszeüben.

- Wéi ginn mer domadder ëm, wann mer massiv genervt ginn, oder mat enger Situatioun iwwerfuedert sidd, villäicht een mol méi wéi deen aneren?


©FNEL 2022
SC
fnel scouts & guides

# TRAUS DU DECH EMOL NET IWWER DÉI KLENG AFEBRÉCK ?

RESPECT IT

# ET SOLL EEN NI ONNÉIDEGEN DROCK OP D'SCOUTEN AUSÜBEN !



Et soll een ni onnéidegen Drock op d'Scouten ausüben, dat kéint zu Akzidenter féieren. Och hei mécht den Toun d'Musek : et kann een e Scout och op eng aner Manéier motivéieren, fir seng Angscht z'iwwerwannen.

- Kann een Héichtenangscht iwwerwannen ?
- Firwat ass et wichteg, Angscht ze hunn ?
- Wat sinn d'Konsequenzen wann een sech erniddregt fillt?


©FNEL 2022
SC
fnel scouts & guides

DE SVEN KËNNT NET AN EIST ZELT LEIEN, HIEN HUET ËMMER DÉI NÄMMLECHT KLEEDER UN AN E STÉNKT.

RESPECT IT

# FIR D'ÉISCHT MAM SVEN SCHWÄTZEN



Hei ass et ubruecht, fir d'éischt mam Sven ze schwätzen an him z'erklären, datt hie seng Kleeder regelméisseg wiessele muss, well e soss sténkt an da Problemer mat deenen anere kritt.

Et soll een nofroen, wéi hien dat doheem regelt, an eventuell mat den Eltere schwätzen.

- Wat maachen, wann d'Elteren net méi Kleeder fir de Sven hunn a kee Problem gesinn ?

- Oder wann de Sven sech express net wëll changéieren ?
  -De Grond ass egal, et soll een déi aner Kanner och dorop sensibiliséieren.



©FNEL 2022

LX

fnel scouts & guides

DE CLASSEUR MAT
DE FICHES MÉDICALES?
DEE LÄIT AM GROUSSE
SALL UM DËSCH -
MENGEN ECH.

RESPECT IT

# D'FICHES MÉDICALES SINN IMMENS VERTRAULECH DOKUMENTER...



déi just de Chef de Camp/ Branche an de Chef vun der Infirmerie dierfe gesinn.
Déi Dokumenter sollen ëmmer ewech gespaart ginn, an no der Aktivitéit **mussen se vernicht ginn.** D'Fichen kennen och Online sinn wann séchergestallt ass ween Zougang huet.
Nëmmen well eppes säit laangem op eng bestëmmte Manéier gemaach gëtt, heescht net dass et richteg an/oder legal ass.


©FNEL 2022

E MEEDCHEN HUET EN HIJAB UN, DÉI ANER MAACHEN DEN GECK A SOEN, ET SOLL EN DACH AUSDOEN, ET WIER SCHO WAARM GENUCH DOBAUSSEN.

RESPECT IT

# D'SCOUTE RESPEKTÉIEREN DEENEN ANERE SCOUTEN HIER RELIÉIS IWWERZEEGUNG.



Wéi ass et mat engem Kräiz an der Ketten oder an engem Tattoo, ass dat net dat Nämmlecht ? Laïzitéit an Toleranz gehéieren zu de Grondwäerter vun der FNEL. Mir léiere moralesch an ethesch Wäerter op der Basis vum fräien Denken a vu géigesäiteger Toleranz. Philosophesch a reliéis Iwwerzeegungen si jidder eenzelem perséinlech iwwerlooss.

- Huet d'Meedchen e fräiwëlleg un oder net ?

- Soll een hat drop uschwätzen ?



©FNEL 2022

E WËLLEFCHE BEHËLT SECH WÉI E KLENGT SCHWÉNGCHEN, STÉISST DÉI ANER, LAUS-CHTERT NET NO... WÉI EN DO OCH NACH MAT FÉISS WËLL RENNEN, GËTT DEN CHEF HIM E KLAPS OP DEN HËNNER.

RESPECT IT

# Kanner schléit een net, Klaps hin oder hier.



Schloen ass verbueden, Gewalt ass keng Léisung

- Eng kleng op den Hënner huet nach kengem geschuet ?

- Wat seet Schloen iwwer mech aus an deem Moment, wéi kann ech an-escht reagéieren ?

- Wei kann ech Reegelen opsëtzen an reagéieren ouni ze schloen?

- En zweeten Chef dobäi huelen. No der Versammlung Récksprooch huelen mat den Elteren



©FNEL 2022

EX

fnel scouts & guides

DE CLAUDE, EN WËLLEFCHEN, GËTT VUN DEENEN ANEREN AUSGELAACHT, WELL HIEN NACH IMMENS KLENG ASS.

RESPECT IT

# D'SCOUTE MAACHE KEE FÄERDEG WELL EN ANESCHT ASS.



Dat gehéiert zu eisen
Grondwäerter bei  den Scouten.
Austausch ass wichteg,
Jidderee kann deem aneren
och Komplimenter maachen.

- Wéi fillen ech mech bei Komplimenter? Kuckt iech och eemol d'Konzept vun der "Warme Dusche"un, wat och eng flott Aktivitéit fir de Camp ka sinn



©FNEL 2022

D'CHARLOTTE, WËLLEFCHERSCHEF, HUET D'CARMEN, SÄI LIEBLINGSWËLLEFCHEN, ËMMER ALS FIFFI FIR D'ÉISCHT GERUFF.

RESPECT IT

# E CHEF SOLL VERMEIDEN,



verschidde Scouten anescht ze behandelen wéi déi aner, just well hien se perséinlech besser leide kann oder well se him méi sympathesch sinn.

- Et ass mënschlech, mat verschiddene Leit besser eens ze ginn wéi mat aneren.
- Mee firwat huet deen een eng méi unzéiend Wierkung an deen aneren net ?
- Wat huet dat mat mir ze dinn ?
- Behandelt Jiddereen selwecht.



©FNEL 2022

BV

fnel scouts & guides

ET SCHÉNGT WÉI WANN DE CHEF DEEN NEIE SCOUT NET KÉINT LEIDEN, SI BLÄERT E PERMANENT UN A MECKERT MAT HIM.

RESPECT IT

# E CHEF SOLL ALL MËNSCH D'NÄMMLECHT BEHANDELEN A RESPEKTÉIEREN.



Et ass mënschlech, mat verschiddene Leit besser eens ze ginn wéi mat aneren.

- Mee firwat huet deen een eng méi ofstoussend Wierkung an deen aneren net ?
- Wat huet dat mat mir ze dinn ?



©FNEL 2022

AM UFANK VUN EISEM EXPLORERCAMP KRUTE MER ALLEG-UERTE KONDOMER AUSGEDEELT.

RESPECT IT

# OBWUEL DE PRÄVENTIOUNSGEDANKEN NET SCHLECHT WAR...



soll een d'Scouten net direkt zu Geschlechtsverkéier incitéieren. Bei Bedarf leie Kondomer an der Infirmerie.

**Opgepasst :** Geschlechtsverkéier vu Majeure mat Mineuren ënner 16 Joer ass strofbar !

**Falls allen 2 Erwuessen :**

- Weess jiddwereen, op wat muss een oppassen fir datt een en Kondom richteg benotzt ?


©FNEL 2022
EX
fnel scouts & guides

DE PIT, EISEN 18JÄREGEN SCOUTS-CHEF, ASS MAM JASMINE ZESUMMEN. HAT HUET 15 JOER.

RESPECT IT

# GESCHLECHTSVERKÉIER VU MAJEURE MAT MINEUREN ËNNER 16 JOER ASS STROFBAR.



E Flirt oder eng Libesbezéiung ouni Sex ass natierlech erlaabt ! Wann eng Koppel um Camp ass, da sollen di zwee sech awer esou behuelen, datt hir Bezéiung weder déi Aner nach den Oflaf vum Alldag stéiert, also net dauernd unenee pechen.


©FNEL 2022
EX
fnel scouts & guides

D'MARINA, EXPLORER, KËNNT BEI DEN NÉCKEL, SÄI CHEF, A FREET NO DER PËLL FIR DUERNO.

HIE GEET MAT HIM OP DE PLANNING FAMILIAL, OUNI DEENEN ANEREN EPPES ZE SOEN.

RESPECT IT

# PRINZIPIELL HUET DEN NÉCKEL RICHTEG REAGÉIERT:



Wat ass d'Pell fir duerno?
d'Pëll fir duerno hëlt een am beschten an den éischten 12 Stonnen nom ongeschützte Sex, well hier Wierkung do am stäerksten ass.
Falls de Planning zou wier (Weekend oder Owend) soll een direkt an d'Apdikt goen, déi Déngscht huet.
Et gëtt awer och nach eng 2. Zort Pëll fir duerno, déi ee bis zu 5 Deeg nom Sex huele kann,och déi kritt een am Planning oder an der Apdikt.
(Béid Pëlle ginn et gratis um PF, an der Apdikt kaschten se 10 resp. 30 €) Muss een kucken wéi d'Reegelungen am Ausland sinn, am beschten mam Médecin federal ofklären.

- D'Pëll fir duerno ass net 100% sécher, a schützt net viru Krankheeten an huet och keen Afloss op de Sex deen een duerno wäert hunn.

- Ausserdeem soll de Néckel sech duerch kuerzt Nofroen vergewësseren, datt de Sex och vum Marina gewollt war an och eng Hëllefsstellung bidden falls hat mat sengen Elteren schwätzen wéilt.



©FNEL 2022

# E KLENGE SCOUT FREET, FIRWAT ET PORNOFILMER A PORNOZEITUNGE GËTT ?

RESPECT IT

# ALS CHEF HËLT EE SECH ZÄIT FIR ALL FRO A LAUSCHTERT JIDDERENGEM NO.



Et erkläert een dem Scout, datt et een Ënnerscheed gëtt tëschent **Léift maachen a Sex, an datt Sex oft ka benotzt ginn, fir Suen ze maachen.** Et gëtt Léit déi esou Zeitungen a Filmer kucken, well se dat intresséiert, mee dat entsprécht ni der Realitéit vun enger Libesbezéiung.

D'Thema Sex gëtt oft tabuiséiert, an et fält net jidderengem liicht, labber doriwwer ze schwätzen. Duerfir soll dee Klengen hei eng Äntwert, kréien vun engem, dee sech an deem Thema wuel fillt, fir datt et als eppes Schéines an Normales eriwwer kënnt.

- Et soll een och op d'Bild vu Fraen a Männer an de Pornoen agoen !



©FNEL 2022

DE CARLO AN DE PAUL HUNN OWES WÄREND DEM HIKE OP HIREM HANDY E PORNO-CLIP GEKUCKT A RONDERËM GEREECHT.

RESPECT IT

# PORNOGRAPHIE HUET NÄISCHT OP SCOUTSAKTIVITÉITEN ZE SICHEN AN ASS ERÉISCHT AB 18 JOER ERLAABT.



Falls ee gezwonge gëtt, Pornoen ze kucken, fält dat ënnert eng Form vu sexueller Gewalt ouni Kierperkontakt an ass strofbar.

- Diskussioun iwwert Realitéit versus Porno.
- Wéi ass do d'Fraen- resp. d'Männerbild ?


©FNEL 2022
SC
fnel scouts & guides

DU GESÄIS DATT DEN YVES, E JONKE WËLLEFCHEN, STÄNNEG VUN ANERE WËLLEFCHER GEMOBBT GËTT. DU SEES DIR, DATT HIE LÉIERE MUSS, SECH SELWER ZE VERDEEDEGEN.

RESPECT IT

# ALS SCOUT KUCKE MIR NET EWECH BEI NET-RESPEKTVOLLEM BEHUELEN.



Du intervenéiers bei deenen, déi **mobben** an erkläers, datt keen ausgeschloss soll ginn. Fannt zesummen d'Grënn eraus, firwat den Yves gemobbt gëtt a suergt fir eng besser Integratioun.

- Wat ass d'Motivatioun fir een ze mobben? Wéi kennen mer sensibiliséieren an responsabiliséieren ?
- Wat kann den Yves selwer maachen, fir net weider e liicht Opfer ze sinn?
- Lead by example



©FNEL 2022

EX

fnel scouts & guides

DEN OLIVIER ASS
E CHARISMATESCHE CHEF,
DEE BEI DEN WËLLEFCHER
IMMENS GUTT UKËNNT.
HIEN ASS OFT OWES BEI HINNEN
AM DORTOIR A ROLZT NACH
MAT HINNEN, GECKST, DRÉCKT
SE A MÉCHT FOTOE VUN HINNEN
AM PYJAMA.

RESPECT IT

# FOTOE VUN MANNERJÄREGEN DIERFEN NËMMEN MAT DER ZOUSTËMMUNG VUN DEN ELTERE GEMAACH GINN.

## (CONSENTEMENT SCHRËFTLECH FROEN)

## "VERSCHIDDE" FOTOEN SOLLEN NI GEMAACH GINN.



Et kéint e Risiko bestoen, datt den Olivier pedophil Tendenzen hätt, an et soll een hien dofir am A behalen an net eleng am Dortoir mat den Kanner loossen. Villäicht ass hien awer och naiv an denkt net drun, datt een als Responsabelen zwar och mol Kierperkontakt kann hunn, mee meeschtens sollt een eng natierlech Distanz zu den Kanner halen a besonnesch hir Intimitéit am Dortoir respektéieren.

- Falls e Kand och nach plakeg op de Fotoe wier, ass dëst streng verbuede « Kannerpornographie » a gëtt mat Prisong (bis 3 Joer) a Geldstrof (bis 50 000 €) bestrooft, an dat schonn eleng fir d'Späicheren vun deene Fotoen.
  Et däerfen keng Fotoen fir den Eegengebrauch gemaach ginn.


©FNEL 2022

DE VICTOR, EISE BEAVERCHEF, HËLLEFT DE MEEDERCHER NOM SCHWAMME BEIM UNDOEN.

RESPECT IT

# D'INTIMSPHÄR VUN DE SCOUTE SOLL ËMMER GESCHÜTZT GINN -



wann d'Meedercher nach Hëllef brauche beim Undoen, da soll dat e weibleche Chef maachen! Dat Nämmlecht gëllt fir Jongen, wou an intime Momenter ëmmer ee gläich-geschlechtleche Chef soll do sinn.

Och hei soll een de Victor am A behalen an hien net eleng mat den Kanner loossen, dëst Behuelen ass en No-Go, an hie muss virun déi Responsabel geruff ginn.

- Wat maachen, wann et engem Meedchen an der Dusch schlecht gouf, an et ass ee just als Mann do?

- Denkt un « Non-assistance à personne en danger » ! Am Noutfall ass et egal op Mann oder Fra. Wann een esou Aktivitéiten Mécht, ëmmer am viräus kucken dass vun all Geschlecht een dobäi ass.
  Et kann een sech och un den Schwam-mmeeschter wenden.



©FNEL 2022

BV

fnel scouts & guides

DEN ALI KA BAL NËMMEN ENGLESCH. HIE SCHWÄTZT E BËSSE GEBRACHENT LËTZEBUERGESCH. VERSCHIDDE WËLLEFCHER MAACHE WITZER DORIWWER, WANN HIE FEELER SEET. SOLL ECH HIM ELO NET LÉIWER ALLES IWWERSETZEN?

RESPECT IT

# D'INTEGRATIOUN ASS IMMENS WICHTEG.



D'Integratioun ass immens wichteg.
Den Ali ka séier léieren, an als Chef soll een him am Ufank déi wichteg Saachen iwwersetzen, fir datt hien se versteet, mee dann awer op Lëtzebuergesch weider maachen. Lues a lues wäert hien esou léieren - d'Ustrengung soll ëmmer vun 2 Säite kommen, fir datt et klappt.

- Déi aner Wëllefcher kënne gären hëllefen aplaz ze laachen - villäicht kann den Ali hinnen och e puer Wieder an senger Mammesprooch bäibréngen. Sécherstellen dass den Ali déi wichtegst Saachen versteet. An och seng Elteren.


©FNEL 2022

DEN TOM, E JONKE WËLLEF-
CHEN, HUET AN DER ÉISCHTER
NUECHT VUN DRÄI UM CAMP
AN D'BETT GEPISST. DÉI ANER
WËLLEFCHER KRUTEN DËST
MAT AN STOUSSEN EN AUS.
DU SEES EMOL NÄISCHT
AN WAARTS OF.

RESPECT IT

# MAM TOM SENGEN ELTEREN SCHWÄTZEN



Et kann een mat den Elteren schwätzen. Bis 10 Joer kann et virkommen. Diskret behandelen an sensibiliséieren dass et net schlëmm ass.

- D'Kanner virum schlofen goen nach eemol op Toilette schécken.

  Ëmmer en Ersatzschloofsak dobäi hunn.


©FNEL 2022

DE RICK ASS ËMMER ESOU OPGEDRÉIT A KRAAZT ANER WËLLEFCHER. SOLLE MER EN ERAUSGEHEIEN?

RESPECT IT

# DE RICK BRAUCH SÉCHER HËLLEF, SOSS GÉING HIEN SECH NET ESOU BEHUELEN.



Op där enger Säit mussen déi aner Wëllef viru massivem Schloen a Gekraaz geschützt ginn, an op der aner Säit muss de Rick gebremst ginn.
En oppent Gespréich soll esou schnell wéi méiglech mat den Elteren an dem Rick stattfannen.

- Behëlt hie sech och esou op anere Plazen ? Doheem ?
- Wat sinn d'Regele bei den Wëllefcher, kann hie weider bleiwen ?
- Exklusioun ass dernier Ressort


©FNEL 2022

BV

fnel scouts & guides

DEN ALEX GEET NET GÄRE MAT OP D'SCHWAMMVER-SAMMLUNG, WELL DO JIDDEREEN IWWER SENG BLO FLECKEN UM RÉCK LAACHT.

RESPECT IT

# HEI MUSS ONBEDÉNGT E GESPRÉICH MAM ALEX STATTFANNEN,



an gefrot ginn wou déi hierkommen. Am Fall vun Zweifel muss de Chef hei mam Chef de Groupe an mat der Respect-it Ekipp Récksprooch halen an net blann selwer agéieren oder Polizist spillen.

Zesumme ginn dann nächst Schrëtt iwwerluecht.

- Wéi gi mir domat em, wa mir e Verdacht hunn, datt e Kand mësshandelt gëtt ?



©FNEL 2022

D'HËPPERDANGER PÄIPELDÉIERE FUEREN OP DE SUMMERCAMP A MOLDAWIEN. SOLLEN SI ENG ELTEREVERSAMMLUNG VIRUM CAMP MAACHEN ?

RESPECT IT

# BEI CAMPDESTINATIOUNEN A LÄNNER, DÉI MÉI ONBEKANNT SINN,



ass et wichteg, eng Eltereversammlung virum Camp ze maachen, fir genau z'erklären, wei alles ofleeft, a Froe kënnen do direkt beäntwert ginn.

- Transparenz ass ëmmer wichteg, gutt opgekläerten Eltere vertrauen iech, an en oppenen Dialog verhënnert spéider Mëssverständnesser... a Problemer fir iech !

- Elteren vun neie Scouten sinn frou iwwert all nei Informatioun. Gutt ass z.B en Infoowend.


©FNEL 2022

DE PIT, EISE WËLLEFCHERSCHEF, HUET EN TATTOO AN E GROUSSE PIERCING AM OUER. VERSCHIDDEN ELTERE FANNEN DATT HIEN DODUERCH E SCHLECHTEN AFLOSS OP D'KANNER HÄTT.

RESPECT IT

# AN DËSEM FALL SOLL EN OPPENT GESPRÉICH MAT DEN ELTERE GEFOUERT GINN...



Et kann ee sech virstellen, datt net all Eltere Piercingen an Tattoos flott fannen, a villäicht dann och no Klischeeë jugéieren- ëmsou méi wichteg ass et op d'Elteren duer ze goen an hinnen ze weisen dass äusserlech Merkmaler net esou wichteg sinn wéi ënnerlech Wäerter.



©FNEL 2022

DEM MYRIAM SENG MAMM HUET NOM PÄISCHTCAMP UGERUFF A SECH OPGEREEGT, DAT HIER JONK DUECHTER VUN 9 JOER DE GANZEN DAG HUET MISSEN OUNI CHEF MAT DER PATRULL TRËPPELEN.

RESPECT IT

# HEI ASS ET WICHTEG, DATT EE MAT DER BESUERGTER MAMM SCHWÄTZT,



entweder a Rou um Telefon oder an engem Gespréich, dat een hir proposéiert, a wou een hir erkläert, wat den Scoutsprogramm ass an wourëms et geet.
(-Patrullensystem)

- Et kann een esou e Gespréich och zu e puer Cheffe maachen.
- Reegelméisseg Eltereversammlungen hëllefen do preventiv.


©FNEL 2022
SC
fnel scouts & guides

DE SVEN
AN DE MARC KIFFEN
AN DRÉNKEN ËMMER
VIRUN DER
VERSAMMLUNG.

RESPECT IT

# ALLGEMENG KENG DROGEN HUELEN,



wann een responsabel ass fir eng Versammlung mat Kanner. Drogen huelen (legaler wéi illegaler) an Alkohol drénken soll e rekreative Charakter hunn, an dat ass sécher net de Fall virun der Versammlung.

- Wann bei dem Zoustand eppes geschitt kann een sech strofbar maachen, an/ oder et ass een net méi assuréiert.


©FNEL 2022

D'KANNER SINN ELO ENDLECH AM BETT, ELO DRÉNKE MIR MOL ALL EE FIR ZE CHILLEN.

RESPECT IT

# D'CHEFFEN ËNNER 16 JOER DIERFE KEEN ALKOHOL DRÉNKEN.



Mee och déi aner sollen all Moment disponibel sinn, fir kënne mat de Scouten an eng Klinik ze fueren bei enger Urgence oder fir am Allgemengen op Gefore kënne richteg ze reagéieren.

- Als Chef kann een andauernd seng Responsabilitéit huelen.
- An der Reegel soll de Chef de Camp zu all Moment 0,00 promille hunn, esou wéi op mannst och en zweeten Chef.


©FNEL 2022

DE ROVER-OWEND BEIM FEIER WOR NAWELL RAU UM GRUPPECAMP! MUERES LÄIT ERËM ALLES VOLLER STËPP A FLÄSCHEN, AN D'ROVER SINN NACH NET OP.

RESPECT IT

# E GEMITTLECHEN OWEND ZESUMMEN ASS OK, MEE E SOLL NI AUSAARTEN.



E gemittlechen Owend zesummen ass ok, mee e soll ni ausaarten. Duerno soll propper geraumt ginn an de Programm däerf net beanträchtegt ginn. Och en Bild wat een vu sech ofgëtt kann Konsequenzen hunn.

- Muss esou en Owend ëmmer stattfannen ?
- Ginn et net Programm-Alternativen ?



©FNEL 2022

EX

fnel scouts & guides

UM TRAJET FIR OP D'GARE FËMMEN D'EXPLORER AN D'ROVER HANNEN AN DER REI.

RESPECT IT

# JONKER ËNNER 16 JOER DÄERFE SOUWISOU NET FËMMEN.



Wärend der Aktivitéit soll net gefëmmt ginn.
Et soll vermeit ginn, datt déi **Jonk Scouten Explorer oder Rover gesinn déi fëmmen.**
Jonker ënner 16 Joer däerfe souwisou net fëmmen.

- Wéi kann een domat ëmgoen, wann déi méi Kleng een awer gesinn hu fëmmen ?

- Sensibiliséieren op Fëmmen.



©FNEL 2022

EX

fnel scouts & guides

UM ROVERQUIZ GOUF ANSCHEINEND GUTT GEBECHERT.

RESPECT IT

# ET SOLL OP ALKOHOL VERZICHT GINN



Op Scoutsaktivitéite soll op Alkohol verzicht ginn wärend dem offizielle Programm.

- Gehéieren Alkohol a Party ëmmer zesummen ? Firwat ?



©FNEL 2022

RO

fnel scouts & guides

D'ROVER SINN ENG BRAUEREI BESICHTEGE GAANGEN, AN DE WEEKEND BRENNEN SI ENG DRËPP ZESUMMEN.

RESPECT IT

# SCHAARFEN ALKOHOL HUET NÄISCHT BEI DE SCOUTEN ZE SICHEN,



Schaarfen Alkohol huet näischt bei de Scouten ze sichen, Visitte vu Betriber, déi Alkohol hierstellen, sinn op e Minimum ze limitéieren an si just erlaabt fir Scouten iwwer 16 Joer.

- Ab wéini schwätzt ee vu schaarfem Alkohol ?
- Leitfaden fir Drogen an Reglement berécksiichtegen.


©FNEL 2022
EX

fnel scouts & guides

D'CHEFFE GINN OFT MAM FOULARD AN D'STAD ZESUMMEN OP DEN TOUR.

RESPECT IT

# DRÉNKE SOLL EEN NET MAM FOULARD ËM DEN HALS.



Zesummen erausgoen als Cheffen ass wichteg a flott, ma drénke soll een net mam Foulard ëm den Hals. Et musse een och net ëmmer drénke wann een op den Tour geet. Un d'Virbildfunktioun denken

- Wéi een Zeeche géif een domat setzen?


©FNEL 2022

fnel scouts & guides

D'CONNY,
E WËLLEFCHEN,
ASS ËMMER DIREKT
OWES AM BETT OUNI
SENG ZÄNN ZE WÄSCHEN.

RESPECT IT

# MONDHYGIEN ASS IMMENS WICHTEG



Mondhygien ass immens wichteg, wëll d'Kanner oft gäre vill Zocker iessen, an d'Cheffe mussen oppassen, datt d'Kanner do alles richteg maachen.

- **Faul Zänn doen net nëmme wéi, mee gesinn och ellen aus, an et richt ee schlecht aus dem Mond.**


©FNEL 2022

VERGRUEF DENG ORANGËSCHUEL EINFACH, DANN ZERSETZT SE SECH SCHONN.

RESPECT IT

# BANANNEN, ORANGEN AN ANER TROPESCH FRIICHTEN ZERSETZEN SECH IMMENS LUES.



Banannen, Orangen an aner tropesch Friichten zersetzen sech immens lues bei eis, duerfir soll een hier Schuelen net an d’Natur geheien.
A punkto Natur si mer e Virbild an et gi verschidde Reegele fir Se ze schützen (FAQ an Mir ginn eraus)

- Bei wéi engem Uebst wier dat ok ?


©FNEL 2022

DEN OWEND
BESTELLE MER
PIZZA FIR
D'WËLLEFCHER,
DÉI HUNN DAT GÄR.

RESPECT IT

# ET SOLL AM REGELFALL VERMEIT GINN. FIR INDUSTRIELLT IESSE BEI DE SCOUTEN ZE ZERWÉIEREN.



- Pizza selwer maachen ?
- Wéi schmaacht eng industriell verglach mat där vum Pizzaiolo ?

De Geschmaachssënn kann ee spilleresch trainéieren. D'Scoute sinn en edukative Mouvement a ganz naturverbonnen – Nohaltegkeet soll am Alldag (vir)gelieft ginn. Benotzt wa méiglech regional Produkter, passt op d'Verpackung op, gebraucht Bio-Liewensmëttel, a kaaft lokal an.
Pizza selwer maachen ?
Zesumme Kachen, net bestellen.



©FNEL 2022

BV

fnel scouts & guides

WÉI WIER ET, WA MER
DE NÄCHSTE WEEKEND
EPPES MAM KANNERHEEM
AUS DEM DUERF ZESUMMEN
ORGANISÉIERE GÉIFEN,
APLAZ AM HOME ENG
BASTEL ZE MAACHEN ?

RESPECT IT

# SOZIAL AKTIVITÉITEN



Sozial Aktivitéite mat lokale
Veräiner sinn am Sënn
vum Scoutissem.



©FNEL 2022

BV

fnel scouts & guides

# SOLLE MER DEN OWEND NET EMOL ENG GESPRÉICHSRONN MAACHEN APLAZ STRATEGO DOBAUSSEN ZE SPILLEN ?

RESPECT IT

# ZESUMME SËTZEN A SCHWÄTZEN



Heiansdo deet et de Scoute gutt, just zesummen ze sëtzen an iwwert en Thema konstruktiv an der Ronn ze schwätzen.

- Wat fir Theme kéinten intressant a wichteg sinn ?

- Spiritoolkit fir Aktivitéiten


©FNEL 2022

# KOMM MIR KUCKE MUER E FILM AN DER VERSAMMLUNG.

RESPECT IT

# ET SOLL EE VERMEIDEN...



Passiv Aktivitéite bei den Scouten als Programm zu hunn, ausser de Film hätt e pedagogesche Wäert. Als Rahmenprogramm z.B.

- Falen dir ad hoc e puer Filmer an, déi derwäert wiere gekuckt ze ginn ?
- Kuck d'Filmer virdrun eemol an passt op d'Altersfreigab op.


©FNEL 2022

DEN OWEND ASS
E NUETSSPILL
UM PROGRAMM... KOMM,
MIR SPILLE STRATEGO,
ECH HUNN D'KAARTE VUM
LESCHTE CAMP NACH
AM AUTO.

RESPECT IT

# HÉICHPUNKTE VUN ALL CAMP



D'Nuetsspill ass ee vun den Héichpunkte vun all Camp, a soll gutt organiséiert ginn am viraus. Et ginn flott Alternativen a muss net ëmmer Stratego sinn,

Déklaratioun an Kaart net vergiessen.
Sicht d'Platz beduecht eraus.


©FNEL 2022

# KANNS DU D'AAXT AN D'MATERIALZELT SICHE GOEN A MAM SERGE ZESUMMEN HOLZ HAE GOEN ?

RESPECT IT

# HOLZ KLENGMAACHEN ASS ENG VUN DE GEFÉIERLECHSTE SCOUTSAKTIVITÉITEN



Holz kleng maachen ass zwar eng flott, mee och eng vun den geféierlechste Scoutsaktivitéiten. Et muss ee sécher goen, datt e Chef dobäi ass bis se wëssen wéi et geet.
« Learning by doing »

- Kenns de däi Material ?
- Wéi mécht een et ?


©FNEL 2022

SC

fnel scouts & guides

ET ASS ELO 4 AUER,
DIR HUTT TEMPS LIBRE
BIS UM 7 DEN OWEND.

RESPECT IT

# DE CHEF DRÉIT OCH D'RESPONSABILITÉIT IWWER D'SCOUTE WÄREND HIREM TEMPS LIBRE.



Et soll een also sécher sinn, dat se näischt maachen, wat geféierlech kéint ginn.
Wéi kann een do virgoen?

Temps libre mécht heiansdo Sënn, mee net esou laang an net matzen am Dag.

- Ass den Kader kloer gesat?
- Wëssen se wat se maachen dierfen ?
- Sëtz Material zur Verfügung. Muss den Handy sinn ?


©FNEL 2022

DE MARC, E CHEF, FIERT MAT 2 WËLLEF-CHER AN ENGEM SCOUT AKAFEN.

RESPECT IT

# OPGEPASST!



Firwat fiert hien mat 3 Kanner akafen ?
Akafen ass kee Programm oder maachen se e Badge?
Kann een net als Patrulle/Sixaine tréppelen ?

- Huet hien un d'Kannersëtzer geduecht ?
- Ass jiddereen ugestréckt ?


©FNEL 2022

RO

fnel scouts & guides

OP DEN HËPPERDANGER PÄIPELDÉIEREN HIRER FACEBOOK-SÄIT SI VILL FOTOE VUN HIREM LESCHTE PÄISCHTCAMP ZU KLIERF, OCH VU WËLLEFCHER AM BIKINI ODER AN DER SCHWAMMBOX.

RESPECT IT

# ENG KÉIER OP INTERNET BLEIFT ËMMER OP INTERNET



Mir sollen allgemeng vermeiden, Fotoe vu Scouten a Schwammkleedung op ëffentleche Medien ze publizéieren. Eng Kéier op Internet bleift ëmmer op Internet - et weess een net, wien déi Säit kucke geet, mat wéi engem Hannergedanken, a wat déi betraffe Scouten an e puer Joer dovun halen.

- Wat fir en Message véhiculéiere mer ?

- Fotogalerien a geschlosse Gruppen !



©FNEL 2022

E SCOUT ASS WÄREND
DER MONTÉE BEIM KLAMMEN
EROFGEFALL A GANZ
SCHLËMM BLESSÉIERT GINN.
D'NADINE, CHEF, HUET
DAT FIR D'ÉISCHT DIREKT
UM INTERNET GEPOST.

RESPECT IT

# BEI ACCIDENTER FIR D'ÉISCHT D'AMBULANZ AN D'POLICE RUFFEN



Bei Accidenter ass et wichteg, fir d'éischt d'Ambulanz an d'Police ze ruffen. Duerno soll een direkt d'FNELs Responsabel uruffen fir datt si eventuell e Kontakt mat der Press maachen. Dës perséinlech Informatioun muss mat der néideger Vertraulechkeet behandelt ginn zum Schutz vun de betraffene Leit. Op soziale Netzwierker huet ee keng Kontroll méi iwwer d'Informatiounen. D'Nadine däerf esou eppes einfach net posten.


©FNEL 2022

SC

fnel scouts & guides

# D'MEEDERCHER SPULLEN AN D'JONGEN MAACHE FEIER !

RESPECT IT

# D'SCOUTEN SINN EN CO-EDUKATIVEN MOUVEMENT.



Jidderee soll iwwerall kennen eng Hand upaken wann en well, respektiv nei Saachen kenneléieren déi hien/hat intresséieren.



©FNEL 2022

BV

fnel scouts & guides

# DE SCOUT HUET KENG DEIER MARKEKLEEDER UN A GËTT DOWÉINST EXKLUÉIERT.

**RESPECT IT**

# INCLUSIOUN, JIDDEREE KANN BEI D'SCOUTE KOMMEN



Mir leeën op aner Aspekter wéi Kleeder oder Marken Wäert. Vill méi wichteg ass wien an deenen Kleeder drastécht.


©FNEL 2022
LX
fnel scouts & guides

# ET ASS E ROVER AM CLAN DEEN SECH SÄIN DEIEREN CAMP NET KA LEESCHTEN.

**RESPECT IT**

# DAT SOLL KEE GROND SINN FIR DOHEEM ZE BLEIWEN



Et gëtt e Moyen als Grupp fir d'Aktivitéiten mat ze finanzéieren. Behaalt bei der Organisatioun vun den Aktivitéiten, d'Moyene vun ären Memberen am Aen.
Et gëtt ëmmer d'Méiglechkeet bei der FNEL eng Demande pour scouts défavorisés ze maachen.


©FNEL 2022

# CARTE BLANCHE

RESPECT IT

©FNEL 2022

fnel scouts & guides

# CARTE BLANCHE

RESPECT IT





©FNEL 2022

fnel scouts & guides

# CARTE BLANCHE

RESPECT IT

©FNEL 2022

fnel
scouts & guides